

sinn d'Gemengen, dat sinn och d'privat Promoteuren, dat sinn d'Leit, déi an dem Bau schaffen, an dat sinn och déi Leit, déi sech derzou bereet fillen, fir Investissementer als Privatpersoun um Niveau vun dem Wunningsbau ze maachen.

Well et ass nëmmen duerch e kollektiven Effort an et ass nëmmen duerch en Effort, deen op déi éischt Zäit strikt gemooss ass, dass een dee Kick erëm eng Kéier an deem Bausecteur gëtt, fir dass dee Bausecteur, deen immens wichteg ass fir eis Économie, deen immens wichteg ass fir eis Land, erëm eng Kéier un d'Fuere kënnt. Duerfir muss ee souwuel Moossname maachen um Niveau vun der Offer, mee et muss ee se och kuerzfristeg maachen um Niveau vun der Demande.

Da kommen ech op weider Punkten, wou gefrot gouf: „Wéi ass et mat den Infrastrukturen?“ Mee selbstverständlech wäert dës Regierungskoalitioun, dës Regierung, dofir Suerg droen, dass d'Infrastrukture weider héichgehal ginn. Mir wäerte kucken, dass déi néideg Investissementer an d'Mobilitéit wäerte gemaach ginn. Mir wäerten derfir suergen – an ech mengen, dat hu mer ënnerstrach, och wann dat vläicht haut e bëssen a Fro gestallt gëtt.

Déi Engagementer, déi gemaach goufe fir eng nohalteg Gestaltung vum Land, déi Engagementer, déi gemaach goufen zum PNEC, déi sinn net a Fro gestallt. An déi Gesetzer, déi bis elo hei an der Chamber gestëmmt goufen, déi hunn dat och alleguerde ganz konkret ënnerstrach. Klimaschutz wäert och ënnert dëser Regierung eng weesentlech Erausforderung bleiwen. Dat steet am Regierungsprogramm, dat steet an dem Regierungsprogramm an dat hu mer och ënner Beweis gestallt bei deene Gesetzer, déi déi lescht Deeg hei gestëmmt goufen.

Dann ass déi Fro ... Ech hunn awer eng Kéier – dat mussst Der mer erlaben, Madamm Bofferding, als fréier Inneministesch – missen e bëssen driwwer schmunzelen: Dir waart nach Inneministesch bis virun engem Mount an do gitt Der eis gutt Rotschléi, wat alles op eis géif zoukomme bei dem Finanzement vun de Pensionne vun de Gemengebeamten. Bon, ech mengen, dee Problem – dat soen ech Iech awer richteraus, well ech awer bis virun engem Mount och nach Buergermeeschter vun enger gréisserer Gemeng am Land war an e bësse weess, wat am Gemengesecteur ass –, dee Problem, deen ass net nei. Also, deen huet sech am Laf vun der Zäit opgestockt.

A wann Dir sot: „Dir musst oppassen, et komme 67 Milliounen Euro (veuillez lire: 87 Milliounen Euro), déi op Iech duerkommen, a si kommen net vun haut op muer“, bewäerten ech dat net, Är Assou, mee ech soen: Selbstverständlech wäert dës Regierung derfir suergen, dass och fir d'Gemengebeamten, déi an der Pension sinn, a fir déi Gemengebeamten, déi wäerten an d'Pension goen, déi Versprieche, déi se gemaach kruten, wéi se Beiträg bezuelt hunn, ofgesécher sinn. Mee schiibt awer wannechgelift elo net dee Problem eenzeg an eleng op déi Regierung, déi elo zënter engem Mount am Amt ass. Ech wëll dat eng Kéier kloer gesot hunn: Jo, mir stinn zu deenen Engagementer, mee dréckt net alles op déi, déi elo am Amt sinn!

Da wëll ech och soen zum Här Polidori – ech soen Iech Merci, ech verstinn och, dass Dir sot: „Mir bleiwen eis trei. Mir hunn de Budget net gestëmmt, duerfir stëmme mer och net déi Douzièmes provisoires.“ –: Mir suergen awer derfir, dass d'Paie vun de Staatsbeamte weidergefouert ginn an dass Är Pai – entschëllegt, mee déi hutt Der zegutt – och weider kann assuréiert ginn.

Dir hutt awer eng konkret Saach opgegraff, dat ass déi vun der TVA. Jo, et ass richtig, dass gemääss den

Tripartitt-Ofkommessen ... An déi huet – bon, ech däerf et elo net soen – déi fréier Chamber an enger Globalitéit gestëmmt, wat och richtig war. Mee Dir wësst, an dat soll een eng Kéier konkret soen, dass déi Reduktioun vun 1 % vun der TVA, nämlech vu 17 % op 16 % an dann déi intermédiaire Tauxen, ab dem 1. Januar ophält. Jo, déi hält op, well d'Tripartitt gesot huet: „Dat ass eng Ënnerstützungsmoossnam vun den Entrepreneuren, mee déi ass zäitlech begrenzt.“

Wat ass den Impakt, dee budgetären Impakt, gewiescht op dat lescht Joer? Dir wësst, dass mer an der Finanzkommissioun driwwer rieds haten an dass d'Vertreder vum Enregistrement gesot hunn, dat kann een iwwert den Domm mat ronn 150 Milliounen Euro Belaaschtung fir de Staatsbudget op d'Joer 2023 bewäerten.

Elo wëll ech awer soen, dass net alles méi deier gëtt. Mee d'Marge vun de Betriber geet ënner Ëmstänn ëm 1 % – verhältnisméisseg, muss ee soen, 1 % verhältnisméisseg; vu 16 % op 17 % ass fir e Betrib méi – fir Verschiddener erof. Dat ass net fir den normale Konsum, well alles dat, wat d'Leit an de Supermarché kafen, läit an der Reegel mol net bei de 16 % oder 17 %.

Den zweete Punkt ass deen, dass natierlech fir grouss international Gruppen ..., do kascht d'Jeansbox – fir dat vereinfacht ze soen – zu Arel, zu Metz oder zu Lëtzebuerg an der Reegel dat selwecht, well dat einfach international Präisser sinn, déi fixéiert sinn. An d'Marge ass dann eebe vu Land zu Land ënnerschiddlech. Dat ass de reellen Impakt. Ech mengen net, dass, wann elo d'TVA erëm vu 16 % op 17 % eropgeet, doduerch géifen all d'Präisser duerschloend och deementspreechend an d'Luucht goen.

Dat war also eng zäitlech begrenzte Moossnam. Déi Moossnam war och an der Tripartitt festgehalen, déi huet och hei an der Chamber e largë Konsens fonnt.

Fir de Rescht géif ech soen: Déi Wonschlescht, déi vu Verschiddenen ausgedréckt gouf, déi huet d'Regierung zur Kenntnis geholl. Den Detail, dee wäert den nächste Budget an enger gewëssener Mooss schonns erëmspigelten. Et ass och esou, ech soen Iech et nach eng Kéier ganz kloer: Dës Regierung stellt net alles a Fro, wat an der Vergaangenheet geleescht gouf. Duerfir wäert et och 2024 en – ech soen – Iwwergangsbudget si mat lichte Adaptatiounen, mat neie Moossnamen, déi natierlech an dem Regierungsprogramm och stinn.

An ech wëll soen, dass deen Zäitraum – an duerfir géif ech domadder ofschléissen – och fir de Budget 2024 relativ sportlech gëtt. Well Dir wësst, mir mussen dat bis den 30. Abrëll stoen hunn. Et ass och eng Ouschtervakanz do. An ech hu mat eenzelne Vertreder vun der Finanzkommissioun rieds gehat, dass dat, soubal de Budget deposéiert ass, dann hoffentlech zäitno kann a ville Sitzungen, déi sech kënnen op méi wéi zwou pro Woch ausdeenen, analyséiert ginn, sou wéi sech dat gehéiert. Déi néideg Budgetcirculaire, déi war e Méindeg am Regierungsrot an déi ass och e Méindeg de Mëtten, mengen ech, mat menger Signature un déi eenzel Departementer geschéckt ginn.

Duerfir nach eng Kéier merci fir de largë Support. Och 2024 wäert d'Vergaangenheet net total a Fro gestallt ginn. Mir wäerten zesummen, hoffentlech mat engem breede Konsens, hei an der Chamber am Interessi vum Land déi Erausforderungen ugoen, déi ustinn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Finanzminister. Ech hunn nach eng Wuertmeldung. A wat fir engem Propos?

**M. Fred Keup** (ADR) | Parole après ministre. Jo, den Här Minister huet hei gesot, wéi och virdru scho

verschidde Leit ugedeit haten, dass, wann een elo hei déi Verlängerung vum Budget net mat Jo géif stëmme, dann d'Staatsbeamte keng Pai méi krien. Dat kann een e bësse relativéieren, well bis dohinner kéint ee jo och nach eppes anescht maachen, fir dass se awer hir Pai géife kréien.

Ech wëll awer hei ganz einfach Follgendes soen: De Budget, dee mer d'lescht Joer gestëmmt hunn, also virun engem gudden Joer, engem Joer an – weini war dat? – zwee Méint, wa mer deen net gestëmmt hätten, dann hätte se och keng Pai kritt. Also déi Parteien, déi géint e Budget stëmme, déi stëmme jo dann an där Logik och dergéint, dass d'Staatsbeamten hir Paie kréien. Duerfir géif ech do e bësse méi virsiichteg sinn. Also weeder do nach hei sinn d'Staatsbeamtepaie, mengen ech, a Fro gestallt.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Sou, dat war elo keng Fro, Här Keup, soudatt mer op keng Fro och keng Äntwert brauchen. An domat géif ech also d'Diskussioun ëm dëse Projet de loi ofschléissen.

A mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8338. Den Text steet am Document parlementaire 8338<sup>4</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8338 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat ass dat follgend: Jo: 52, Nee: 8, Abstentoun: keng. De Projet de loi ass also mat 52-Jo-Stëmme géint 8 Nee-Stëmme ugeholl ginn.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Mars Di Bartolomeo), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

*Ont voté non* : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Sven Clement) et Ben Polidori.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

**5. 8292 – Projet de loi relative à l'imposition minimale effective en vue de la transposition de la directive (UE) 2022/2523 du Conseil du 15 décembre 2022 visant à assurer un niveau minimum**

## d'imposition mondial pour les groupes d'entreprises multinationales et les groupes nationaux de grande envergure dans l'Union

A vu datt mer keng Motioun a keng Resoloutioun hunn, komme mer dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour: Dat ass de Projet de loi 8292, d'Upassung vun der Piller-2-Initiativ, déi fir e minimale Steierniveau vu 15 % soll suerge fir all multinational Firma, déi en Émsaz vun iwwer 750 Milliounen Euro mécht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet 10 Minutten. All Fraktioun an all Sensibilitéit huet 5 Minutten. D'Regierung huet 10 Minutten. Et ass mer gesot ginn, datt d'Kommissioun decidéiert hätt, datt de Rapporteur vläicht eng oder zwou Minutte kéint méi hunn. Ech ginn also och Akt dovunner. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Patrick Goldschmidt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. Den Här Rapporteur huet elo d'Wuert. Här Mosar.

### Rapport de la Commission des Finances

**M. Laurent Mosar** (CSV), rapporteur | Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Finanzminister, de Projet de loi, deen d'Direktiv iwwert d'Mindestbesteuerung vu groussen Entreprises transposéiert, ass sécherlech ee vun deene wichtigste Projet-de-loien, deen an de leschte Joren am Kontext vu méi Steiergerechtegkeet weltwäit, EU-wäit, awer och an eisem Land wäert gestëmmt ginn.

Erlaabt mer, Här President, iert ech op de Projet selwer aginn, eng generell Remark zu den Aarbechte vun eiser Kommissioun zu dësem Projet ze maachen. De Projet, dee mer haut an hei diskutéieren, ass net nëmmen en extreem wichtige Projet, mee en ass och vun enger extreem grousser Technicité an esouguer Spezialisten, déi behaapten, vun dëser Thematik eppes ze kennen – an dozou zielen ech mech net –, hu Problemer, fir sech an dëser komplexer Matière erëmzefannen.

Mir sinn, Här President, am Ufank vun enger Legislaturperiod a mir sinn eis warscheinlech op alle Säiten hei eens, datt mir als éischte Pouvoir vun dësem Land net nëmme wëllen eng Caisse enregistreuse sinn, mee datt mer au contraire och versichen, eise parlamentareschen Input an d'Gesetzestexte, sou wéi se eis da vun der Regierung presentéiert ginn, materanzebriengen.

*(M. Fernand Etgen prend la présidence.)*

Dat setzt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, viraus, datt mer eis besonnesch bei komplizéierten Texte wéi deem heiten och déi néideg Zäit ginn, fir se am Detail kënnen ze studéieren, awer och op alle wichtige Punkte kënnen d'Regierung ze hannerfroen, wat zum Beispill dës Texte och fir Repercussiounen fir eis Entreprises hei am Land wäerten hunn.

Mir haten duerfir als Finanzkommissioun an der éischter Sitzung, wou mer dëse Projet virgestallt kritt haten, eigentlech decidéiert, eis hei déi néideg Zäit ze ginn, déi noutwendeg ass, fir dee komplexen Text och kënnen a Rou an am Detail ze analyséieren, a gesot, et kéint ee sech och virstellen, datt een deen Text eréischt géif am Ufank vum nächste Joer stëmmen.

Mir sinn eis dunn awer de leschte Freiden an der Kommissioun eens ginn, datt mer dat net géife maachen, dat aus verschidde Grënn, op déi ech elo kuerz wëll nach eng Kéier agoen.

Dës Direktiv gesäit vir, datt se muss vun alle Memberslänner bis den 31. Dezember vun dësem Joer transposéiert ginn, fir datt se och kann den 1. Januar 2024 a Kraaft trieden. Et si bis haut nëmme fënnf Länner, déi et warscheinlech net wäerte fäerdegbréngen – zum Deel och aus verständlechen innerpolitische Grënn, well se grad Walen haten –, fir dës Direktiv an de virgeschriwwenen Delaien ëmzesetzen.

Et hätt eisem Land net gutt zu Gesiicht gestanen, wa mir an esou engem sensibelen Theemeberäich wéi der Besteuerung vu ganz groussen Entreprises net an de virgesinnenen Delaien transposéiert hätten, a mir wäeren och domadder de Risk agaangen, vun der Kommissioun virun den Europäesche Gerichtshaff zitéiert ze ginn.

Et kënn awer och derbäi, datt an dëser extreem wichtiger Thematik elo scho ganz vill Länner transposéiert hunn an déi nei Reegelen vun der Mindestbesteuerung also vum nächsten 1. Januar u wäerten uwenden, wa mir déi Reegelen net d'nächst Joer oder eventuell mat enger Retroaktivitéit ugewannt hätten (veuillez lire: Et kënn awer och derbäi, datt mir an dëser extreem wichtiger Thematik, wou elo scho ganz vill Länner transposéiert hunn an déi nei Reegelen vun der Mindestbesteuerung also vum nächsten 1. Januar u wäerten uwenden, d'nächst Joer nach déi besteeënd Reegelen ugewannt hätten). Dës wär net am Interessi vun deene concernéierten Entreprises gewiescht an hätt kënnen fir Rechtsongesécherheet an Netprevisibilitéit suergen. Och aus deem Grond ass et duerfir eminent wichtig, datt de Projet de loi nach virum 31. Dezember wäert adoptéiert ginn an och kann den nächsten 1. Januar a Kraaft trieden.

Dës, léif Kolleeginnen a Kolleegen, soll awer an deenen nächste Méint a Joren net d'Reegel ginn, an duerfir géif ech och en Appell un eis alleguerte riichte, natierlech fir d'éischt och un d'Regierung, mee awer och un eis, och un de Staatsrot, datt mer versichen, besonnesch bei esou technesch schwierige Projete éischter mat eisen Aarbechten unzekommen, an eis ouni Zäitdruck och kënnen eist Bild oder e komplett Bild iwwert déi Projete maachen. Dës wär op jidde Fall e Wonsch, deen ech och als Rapporteur vun dësem Projet, ech mengen, och am Numm vun alle Kolleeginnen a Kolleegen aus der Finanzkommissioun, wëll artikuléieren.

Dat gesot, Här President, erlaabt mer dann awer elo, op de Fong vum Projet de loi anzegoen. Wéi ech scho kuerz a menger Introductioun ausgeféiert hunn, geet et hei also ëm eng Initiativ, déi den 8. Oktober 2021 vun 135 Membere vun der OECD geholl ginn ass an déi eng Mindestbesteuerung vu multinationalen Entreprises virgesäit, déi mindestens 750 Milliounen Joresëmsaz maachen.

Et geet hei virun allem drëm, datt dës multinational Entreprises iwwerall do e gerechten Deel u Steiere bezuelen, egal wou se hir Aktivitéiten ausüben an egal wou se hir Benefisser generéieren.

Op dëser Base a mat deenen Objektiven huet d'OECD de 14. Oktober 2021 e Rapport ugeholl iwwer Steiererausforderungen, déi duerch d'Numerisatioun vun der Wirtschaft soulevéiert ginn, an hunn do e Modell vu globale Reegelen vun der Besteuerungsbase festgeschriwwen, déi als sougenannten „zweete Peiler“ elo qualifizéiert ginn.

Wat sinn elo d'Objektive vun dësen neie Reegelen? Hei geet et virun allem drëm, datt elo mol soll e sougenannte „Seuil-plancher“ fixéiert ginn, op Base vun deem d'Steiertauxen op de Benefisser vun de Gesellschaften an deem eng weltwäit Mindestbesteuerung fixéiert gëtt (veuillez lire: Hei geet et virun allem

drëm, datt elo mol soll e sougenannte „Seuil-plancher“ fixéiert ginn, op Base vun deem d'Steiertauxen op de Benefisser vun de Gesellschaften harmoniséiert ginn, andeem eng weltwäit Mindestbesteuerung fixéiert gëtt).

Fir dat Objektiv ze erreechen, baséiert sech de sougenannten „zweete Peiler“ op d'Festleeung vun enger sougenannter „Zousazsteuer“ op de Benefissen, déi an enger Juridictioun realiséiert ginn, wann den Taux effectif vun der Besteuerung vun engem multinationale Grupp an dëser Juridictioun ënnert der Mindestbesteuerung vu 15 % läit.

Déi Prinzippien, déi ech elo hei kuerz virgestallt hunn, sinn dann och relativ schnell vun der Europäescher Unioun an enger Direktiv ficeliéiert ginn, déi den 22. Dezember 2021 vun der Kommissioun och definitiv presentéiert an zréckbehal ginn ass. Am Dezember 2022 huet dann och de Conseil déi Direktiv, déi mer dann och haut sollen transposéieren, definitiv ugeholl.

Här President, wat elo relativ einfach kléngt, huet awer zu enger „Gebrauchsanweisung“ – wann ech déi mol sou kann nennen – geféiert vun engem Text vun iwwer 200 Säiten, dee mir dann och elo integral an eis Gesetzgebung iwwerhuelen.

Här President, eng relativ komplex Gebrauchsanweisung vun engem a sech einfache Prinzippien.

Am Dezember, genau de 15. Dezember 2022, huet de Conseil vun der Europäescher Unioun duerfir déi Direktiv verabschit, déi eebe genau dës minimal Besteuerung och op all déi Groupes d'entreprises multinationales an aner grouss Gruppen an der Europäescher Unioun applizéiert.

D'Direktiv alignéiert sech och hei méiglechst genee op de Contenu, awer och un d'Struktur vun de Reegelen vun der OECD.

Fir an Zukunft d'Exigence vun dësen neie Bestëmmungen ze respektéieren, wäerten also all déi Gruppen, déi déi Envergure vun engem Chiffre d'affaires vu 750 Milliounen erfüllen, och hei zu Lëtzebuerg integral ënnert déi nei Bestëmmungen falen.

Wat heescht dat elo ganz konkret? Fir déi minimal Besteuerung vu 15 % anzeféieren, ginn a sech an eisem Steuerrecht zwou nei Steieren agefouert, déi op zwou verschiddenen, onofhängege Reegelen baséieren: op där enger Säit de sougenannten RIR, dat heescht dann op Franséisch Règle d'inclusion du revenu, an dat anert de sougenannten RBII, an dat ass déi Règle relative aux bénéfices insuffisamment imposés. Klénkt alles ganz komplizéiert, et ass awer nach méi komplizéiert, wéi et klénkt. Méi generell wäert deen RIR sech op d'Entités mères applizéieren par rapport zu engem Montant vun Zousazsteuer, deen am Virfeld determinéiert gëtt, vun allen Entitéiten, déi direkt oder indirekt vun dëser Entitéit mère gehale ginn.

Nom Depot, Här President, vum Projet de loi sinn awer den 10. November vun dësem Joer vun der Regierung eng ganz Rei vun Amendementer adoptéiert ginn, déi a sech och schonn am Laf vun dem Avancement vun den Aarbechten eng Rei vu Klarifikatiounen mat sech bruecht hunn.

An ech maachen och direkt hei eng Klammer: D'Aarbechte vum Piller 2 sinn a sech e permanente Prozess, an deem och ëmmer erëm déi sougenannten „administrativ Instruktiounen“, op Englesch „agreed administrative guidance“, mat solle verschafft ginn, eng Rei vu Punkten, déi dann och de Fonctionnement a sech solle veränneren, awer och an deene meeschte Fäll preziséieren. Dofir ass et och net ausgeschloss – an dat huet esouwuel d'Kommissioun och an hirem schrëftleche Rapport zréckbehal wéi ech et dann och elo

nach eng Kéier a mengem mëndleche soen –, dass dës Gesetzgebung och muss am Laf vun deenen nächste Méint oder Joren nach eng Kéier amendéiert ginn.

Wat elo d'Avisu betrëfft, fir unzefänke mam Avisu vum Staatsrot, ass deen eigentlech äusserst positiv an huet ausser enger klenger Opposition formelle, déi éischter mat der Terminologie vun enger Notion ze dinn hat, eigentlech just eng Rei vu legisteschen Ännerungsvirschléi materabruecht, ouni datt awer hei substanzuell Kritikken um Contenu vum Projet artikuléiert gi sinn.

Den Avisu vun der Chambre des Salariés begreist de Projet an ennersträicht och nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun esou enger minimaler Besteuerung, suggeréiert allerdéngs, den Taux vu 15 % op 25 % eropzesetzen.

D'Chambre de Commerce huet an engem éischten Avisu de Projet och begreist, weist awer op eng Rei vu Risiken hin, notament wat d'Kompatibilitéit vun dësem Projet mat anere Projekte betrëfft, a gëtt entre autres do d'Beispill vun der Bonification d'investissement vun den Entreprises. D'Chambre de Commerce huet dann och kritizéiert, datt d'Regierung net genuch op Optionnen zréckgegraff hätt, déi eigentlech an deem zweete Peiler virgesi wieren. Entre-temps sinn allerdéngs eng Rei vun deenen Optionne gezu ginn iwwert de Wee vun deenen Amendementen, déi d'Regierung jo den 10. November heizou agereecht huet.

Déi Thematik vun der Netkompatibilitéit ass och eng, wou d'Kommission sech bewusst ass, datt do eventuell muss nach eng Kéier nogebessert ginn, natierlech – an dat wëll ech och nach eng Kéier hei preziséieren – mat der ganz klorer Oplag, datt d'Objektiv vun deene minimal 15 % Besteuerung net dierf op déi eng oder aner Manéier ennerhielegt oder contournéiert ginn.

An hirem zweeten Avisu, dee mer leider e bësse kuerzfristeg kritt hunn, ass d'Chambre de Commerce dann nach eng Kéier op eng Rei vun Interpretationsschwierigkeeten agang, notament wat d'Fongebetrëfft, an haaptsächlech op d'Entitéiten, déi vun dësen Fongen direkt oder indirekt gehale ginn an déi net konsolidéiert sinn.

Eng lescht Kritik, déi och an eenzelnen Avisen erëmmert ass, ass déi, datt et keng kloer Fiche financière géif fir dëse Projet ginn, mee dorobber huet de Finanzminister an der zoustänneger Kommission jo scho méi wéi kloer geäntwert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen domadder zum Schluss vu mengen Ausféierungen, andeem ech hei nach eng Kéier ennersträichen, datt dat Gesetz, wat mer dann hoffentlech elo mat grousser Majoritéit an deenen nächste Minutte wäerte stëmmen, e Meilesteen um Wee vun enger méi gerechter Besteuerung, ganz besonnesch vu groussen multinationalen Entreprises weltwäit, an der Europäescher Union, awer och bei eis ass.

Et bleiwe sécherlech nach ganz vill praktesch Froen op, wat déi konkret Ëmsetzung betrëfft, an et kann een elo scho soen, datt an den nächste Joren nach wäerten oft Modifikationen zu deene groussen Prinzipien kommen.

D'Kommission ass op jidde Fall der Meinung, datt dëse Gesetzestext am Interêt vun enger méi grousser Sécherheet an awer och Previsibilitéit fir d'Entreprises och bei eis am Land ass, soudatt mir Iech alleguer suggeréieren, dëse Projet och nach haut ze stëmmen.

An dann, Här President, dréien ech mech eng Kéier ëm, fir Iech och ze soen, datt meng Fraktioun, d'CSV, dëse Projet mat grousser Begeescherung wäert

stëmmen. An ech soen Iech Merci fir Är ganz laang Opmerksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | An ech soen dem Här Rapporteur Laurent Mosar Merci a ginn d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Patrick Goldschmidt. Här Goldschmidt, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Patrick Goldschmidt** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech profitéieren dovunner, fir dës Kéier awer dem Rapporteur Merci ze soen, fir dass en et färdigbruecht huet, dëse komplexe Projet all de Memberen hei, all de Kolleegen a Kolleeginnen, gutt erkläert ze hunn, dass se et elo och alleguer ganz gutt verstinn. A sech hätt ech net méi vill dozou ze soen, mee ech hoffen awer, dass trotzdeem déi Professionell dobaussen an deenen nächste Wochen, net an deenen nächste Joren, vläicht nach déi eng oder déi aner Circulaire kréien, wou verschidde Saachen awer nach e bësse méi kloer sinn, wéi dat dann duerno ze handhaben ass.

Haut stëmme mer iwwer en immens wichtige Gesetzesprojet of: d'Minimalbesteuerung vun de groussen Sozietäten. Et ass e Constat, deen net nei ass: An enger globalisierter Welt mussen d'Staaten zesummeschaffen, fir eng effikass a fair Besteuerung vun de multinationalen a groussen Gruppen ze garantéieren. Fir dat Zil ze erreechen, mussen d'Staate sech also zesummenfannen an no Léisunge sichen. Dat ass an deene leschte Jore geschitt, wéi de Rapporteur et scho gesot huet: Um OECD-Niveau hunn 135 Staaten dorunner geschafft a sinn och zu gudde Konklusione komm.

Duerch déi enk Zesummenaarbecht ass eng effikass a gerecht Besteuerung hautzudaags méiglech, dofir begreisse mir de Progrès, an ech si frou, dass déi Direktiv, déi mer haut an e Gesetz stëmmen, an dëse laangjärege Prozess domadder a Musek ëmgesat kënne ginn.

Fir d'Demokratesch Partei steet fest: Lëtzebuerg muss sech weiderhin un déi international Reegelen a Standards halen. Just esou kënne mer d'Vertrauen an eis Finanzplaz garantéieren an esou och fir déi nächst Joren a Joerzénge zolidd opstellen. Sait 2013 schon hunn d'Finanzministere vun der DP sech konsequent derfir agesat, fir Lëtzebuerg am internationale Verglach méi kooperativ an transparent opzestellen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Patrick Goldschmidt** (DP) | Et war eng bewusst Decisioun an déi nei Politick gouf och konsequent ugewannt, mam Resultat, dass ons Finanzplaz haut eng staark opgewäerte Renommée huet.

Mat dëser Direktiv kënnt elo eng ganz nei Etapp derbäi. Dës Direktiv huet als Zil, de Piller 2, deen am Oktober 2021, wéi scho gesot, op OECD-Niveau approvouéiert gouf, ëmzesetzen. Am Prinzip gëtt e Seuil fixéiert, a wann an enger Juridiction e Grupp ze wéineg Steiere bezilt, da muss dës Grupp an enger anerer Juridiction déi Differenz bezuelen. Dës Seuil, déi effektiv Mindestbesteuerung, gëtt an enger éischter Etapp op 15 % ugesat. Ënnert dësse Champ d'application fält e Grupp also ab 750 Milliounen Euro Ëmsaz. Dat bedeit, dass déi kleng a mëttelgroussen Entreprises, eis Mëttelstand, vun dësem Gesetzesprojet, wéi en hei virläit, net betraff sinn.

Fir eis Fraktioun ass et evident, dass de Level-Playingfield zu all Moment muss garantéiert sinn. Mir brauchen also déi selwecht Reegelen fir jiddereen.

Dat ass keng nei Fuerderung. De fréiere Steierdirekter vun der OECD, den Här Pascal Saint-Amans, huet

alt gesot, de Level-Playingfield wier e Lëtzebuergesch Wuert, vu dass ons Politiker sou staark drop insistéieren.

Effektiv ass Lëtzebuerg eng kleng an oppen Ekonomik an dowéinst si mir nach e gutt Stéck méi vum internationalen Kontext ofhängeg. Mir müssen also derfir suergen, dass dësse Level-Playingfield och an Zukunft vu jiddwerengem respektéiert gëtt.

Niewent dem Risiko, dass dat eent oder aner Land sech kéint Virdeeler verschafe par rapport zu deenen aneren, kënne sech nach aner Risiken manifestéieren. Dofir ass et och fir ons Fraktioun immens wichteg, dass d'Risiko fir ons Finanzplaz konstant evaluéiert ginn, soudass mir och eis Méiglechkeeten no an Zukunft besser opgestallt kënne ginn.

Ech hu virdru gesot, dass Lëtzebuerg sech un internationalen Standards muss halen. Wann ech op déi nächst Jore kucken, da wëll ech awer insistéieren, dass Lëtzebuerg sech och proaktiv un den Initiative fir méi Kooperatioun an Transparenz bedeelege muss, sief dat op EU-Niveau oder och um OECD-Niveau.

*(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)*

Fir dës ze garantéieren an eeben och fir dass kee Land benodelegt gëtt, hunn d'Koalitionspartner sech déi Ambitioun ginn, dass méi Lëtzeburger an den europäeschen an internationalen Institutionen solle vertruede sinn. Detachementer sollen also encouragéiert ginn.

Här President, léif alleguer, d'Demokratesch Partei steet kloer zu méi Transparenz an internationaler Kooperatioun, e Choix, fir dee mir eis konkret seit Joren asetzen. A gläichzäiteg muss mir kucken, wat d'Auswirkungen op eist Land kënne sinn, an eis deementsprechend opstellen. An dësem Sënn gëtt d'DP-Fraktioun och hiren Accord zu dësem Projet de loi.

Ech soen Iech all Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Goldschmidt. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Merci, Här President. Mat dësem Projet de loi iwwert de sougenannte Piller 2 féiere mer hei direkt dräi nei Steieren an. Dat kann der neier Regierung net schmaachen, déi sech jo virgeholl hat, guer keng nei Steieren opzehiewen oder anzeféieren. An de Rapporteur, dat ass de Laurent Mosar. Dir kënnt Iech awer mengen ech, drun tréischen, dass dat heiten effektiv en internationalen Accord ass an eng Ëmsetzung vun enger Direktiv vun Dezember 2022.

Mir begreissen als LSAP dësse Projet de loi. Et ass e Gesetzesprojet, deen um Enn vu jorelaangen Efforte fir méi Steiergerechtegkeet, Transparenz a Fairness um internationalen Plang steet. Et ass e Projet de loi, dee sech och areit an eng méi breet Diskussioun iwwer international Steiergerechtegkeet, déi heimat ganz sécher net eriwuer ass, och wann een d'Besoin kuckt, déi d'Staaten hunn. A mir schwätze jo elo seit e puer Deeg iwwer Steierprojeten an iwwert d'Finanzierung vun der Regierung, och elo mat den Douzièmes provisoires. Wann een déi enorm Besoin gesäit, déi d'Staaten hunn, fir d'Transitioun ze finanzéieren, fir d'Besoinen an Infrastruktur an esou weider, all déi Saachen, iwwert déi mer scho geschwat hunn, dat ass also net eriwuer. An hei sinn natierlech och nach aner Steieren, déi diskutéiert ginn um internationalen Plang, wéi zum Beispill d'Finanztransaktionssteuer, wéi d'Iddi vun engem Impôt sur la fortune op ganz groussen Fortunen, déi notament vum Observatoire européen

de la fiscalité an engem rezente Rapport och presentéiert gouf.

Här President, mir begrüessen dës Projéit de loi. Mir begrüessen och de Fait, dass en nach dësem Joer ka gestëmmt ginn an dass en och kann den 1. Januar 2024 a Kraaft treden. An ech si frou iwwert d'Begeeschterung, déi nei Begeeschterung vum Laurent Mosar iwwert dës Projéit de loi. Et huet ee Moment esou ausgesinn an der Finanzkommissioun, dass do ausgerechent aus dem Finanzminister senger Partei Géigengewand zu dësem Projéit de loi war, fir deen elo nach am Dezember ze stëmmen. Justement am Nimm vum Level-Playingfield sinn do ganz vill Bedenken ugemellt ginn. An dunn ass awer e bëssen op eng verwonnerlech Aart a Weis dat heiten an d'Rei gaangen, soudass mer haut alleguerter begeeschtert dann dës Projéit de loi hei kënnen stëmmen.

Doriwwer sinn ech frou a meng Fraktioun och, aus dräi Grënn haaptsächlech: éischters weinst der juristescher Onsécherheet, déi bestanen hätt, wa mer dat heite gäre retroaktiv applikabel gemaach hätten. Zweetens, och ganz einfach, well et de Staat géif Sue kaschten. Wann zum Beispill e franséische Grupp zu Lëtzebuerg 2024 misst eng complémentaire Steuer bezuelen, well se an hiren Operatiounen net op déi 15 % Besteuerung komm wären, dann hätte se, à défaut vun enger Base légale zu Lëtzebuerg, missen dee Complement un de franséische Fisk bezuelen. Mat aller Léift zu eise franséische Frënn wär dat schued gewiescht. Dofir ass et gutt, dass mer dat Gesetz effektiv elo hei direkt kréien. An dann drëtters och aus Reputatiounsgrënn. Ech mengen, et hätt eis net gutt zu Gesiicht gestanen, wa mer dat heiten als Lëtzebuerg, als e grouse Finanzzentrum, elo net an den Delaien ëmgesat hätten.

Den Impakt: Mir hunn och iwwert den Impakt vun dësem Gesetz geschwat an der Kommissioun. Et ass, wéi gesot, e komplexen Text, deen och nach evolutiv ass. Do hänken OCDE-Normen drun, och Norme vum International Accounting Standards Board, déi hei erspillen an deen Text. Et gëtt geschat, dass ongeféier 7.500 Gesellschaften zu Lëtzebuerg kéinten heivunner concernéiert sinn. Ech mengen, et muss een net erwaarden, dass der elo vill heiweinst fortginn, mee et ass kloer, dass bei verschidde Finanzgesellschaften vläicht awer sech d'Fro gestallt gëtt, ob et dann nach derwäert ass, fir d'Presenz hei zu Lëtzebuerg ze behalen, wann een natierlech och nach aner Coûte vun der Presenz heizuland dann derbärechent. Mee ech mengen, grosso modo muss een net fäerten, dass mer elo heimadder e Kompetitivitätsdesavantage kréien. Et muss een, hoffen ech, domadder rechnen, dass et awer e positive budgetären Impakt kritt; eppes, wou mer da mol e bësse Suen domat kënnen verdéngen – dat ass jo och schön – a wou een dann, mengen ech, och, wéi gesot, grosso modo e positiven Impakt kritt.

Et sinn effektiv zwou Froen, déi vill diskutéiert goufen an déi eis och als LSAP immens wichteg sinn an där Diskussioun. Déi éischt, dat ass, dass déi Mindestbesteuerung net ka contournéiert ginn oder ausgehielegt ginn duerch national Steierinstrumenter wéi zum Beispill d'Bonification d'impôt. Dat ass eis zougesécher ginn. Dat ass och am Rapport sou verankert, dass dat net ka stattfannen. An dann ass et awer esou, dass et hei effektiv och eng Partie Inkompatibilitéte gëtt mam nationale Steierrecht, déi mussen an deenen nächste Méint och dann ausgebigelt ginn.

Mee, wéi gesot, dat hei ass definitiv fir eis e grouse Schrëtt an déi richteg Richtung. Et ass kee perfekten Text. Et gëtt awer nach ... En ass e bësse verwässert ginn, och an deene villen Diskussiounen, mee et ass awer e ganz wichtige Schrëtt an déi richteg Richtung, an dofir wäerte mer deen Text hei och matstëmmen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Fayot. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Ech wäert et och féx maachen hei. Ech héieren hei jo vill Begeeschterung fir dëst Gesetz, vum Här Mosar, och den Här Fayot huet sech an déi Richtung geäussert, woubäi mir dat heiten och elo matstëmmen. Mee esou begeeschtert si mer awer net sou richtig, well mer och net genee wëssen, wéi alleguerter déi aner Leit heibannen, wat dat dote wäert an Zukunft bedeiten.

Kloer ass, dass mer en internationalen Accord hei ëmsetze vu ganz ville Länner op der Welt. Dat ass jo mol prinzipiell eppes Guddes, och well dat natierlech zu enger gewëssener Gerechtegkeet féiert a verhënnert, dass Betriber, ouni Steieren ze bezuelen, dervukommen, wat och eng gutt Saach ass.

Mir soen och ëmmer: Wat gutt fir d'Finanzplaz ass, dat ass gutt fir Lëtzebuerg. An dofir steet d'ADR och ëmmer do fir d'Finanzplaz. An ech mengen, dat hei ass och eppes, wat der Finanzplaz, wa mer dat elo ëmsetzen, wäert zeguttkommen.

Allgemeng muss een awer oppassen, wann een esou Steuerungläichunge mécht tëscht de Länner, well et ass awer och esou, dass eng Steierkonkurrenz och gewësse positiv Säiten huet. An een Haaptpunkt, dee gutt ass bei enger Steierkonkurrenz, ass am Fong deen, dass d'Steierkonkurrenz de Staat och derzou zwéngt, fir gewëssenhaft mat de Steieren ëmzegoen, an en net ëmmer erëm Steieren doduerch kann erhéijen. Et ass also eng ganz effizient Manéier, d'Steierkonkurrenz, fir dass d'Staaten effizient ëmgi mat hiren Ausgaben.

Wat dat hei elo genee fir d'Zukunft bedeit, dat schéngt jo da kee sou richtig nach ze wëssen. Wat genee et fir eise Budget vum Lëtzeburger Land bedeit – méi Einnahmen, manner Einnahmen –, schéngt och kee sou ganz genau ze wëssen. Ech hoffen dann och emol, dass et gutt geet. Bei sou villen Onsécherheete wier dat ubruecht, fir positiv ze denken, optimistesche, an da stëmme mer dat heiten an enger gudder Laun mat.

Merci.

(Hilarité)

**M. Claude Wiseler**, Président | Très bien.

Merci, Här Keup. Dann ass den nächsten ageschriwwene Riedner déi honorabel Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, merci, Här President.

(Interruption)

**M. Claude Wiseler**, Président | D'Madamm Tanson huet d'Wuert!

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Den Text, et ass schonn ugeklongen, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ass e ganz wichtigen Text. En ass sécherlech net perfekt, wat elo näischt mam Lëtzeburger Finanzministère ze dinn huet, mee mat den internationalen Negociatiounen. Déi ganz Demarche awer hannendrun, déi laangwiereg Negociatiounen um Niveau vun der OCDE, déi schliisslech an déi Direktiv an dann an dat Gesetz hei eragefloss sinn, déi weisen awer, dass et méiglech ass, dass weltwäit eng 140 Staate sech zesummendinn, fir géint d'Steierflucht virzegoen.

A bon, d'Diskussioun zitt sech e bësse wéi e roude Fue dem iwwert de ganzen Nomëtten, mee grad bei

der Betriebsbesteuerung a bei der Besteuerung vun de ganz Räichen an onser Gesellschaft huet een heiansdo d'Impressioun, et wier esou en heikele Sujet, eng Zoomuddung quasi an et misst een alles Méiglech maachen, fir dass se sou mann wéi nëmmen néideg misste bezuelen.

Dobäi wësse mer, dass grad Mënsche mat manner Revenu wéi och méi kleng a mëttel Betriber vill manner Auswäichméiglechkeeten hunn, wann et drëms geet, Steieren ze bezuelen, an déi Agilitéit, fir Steieren ze evitéieren, duerch d'Globaliséierung verschäerft gëtt. An dat dréit derzou bäi, dass grad Milliardären an international Konzernern am beschte wëssen, wéi se op 0 % Steiere kommen.

An do ass natierlech d'Gerechtegkeetsfro an d'Fro vun der sozialer Kohäsioun enk domat verbonnen. Wéi soll ee Mënschen an och Betriber mat manner Revenu vun der Wichtegkeet iwwerzeegen, Steieren ze bezuelen, wa se gesinn, dass de Billionär oder déi Multinationale niewendrun nëmmen do contribuëiert, wou et hir och wierklech an de Krom passt?

Mee d'Steierflucht ass keng Fatalitéit. Mir heibannen, gradesou wéi ons Pairen an anere Länner, sinn déi, déi derfir suerge kënnen, dass d'Steierflucht agedämmt gëtt. Et sinn d'Gesetzer, déi maache kënnen, dass dat net geschitt, a virun allem, wann déi Reegelen international änlech sinn, sou wéi dat hei de Fall ass, hu se e groussen Impakt.

Ech ginn elo net nach eng Kéier dorobber an, wisou et wichteg ass, dass mer Steiere bezuelen, mee wéi aneschtens sollen d'Staate kënnen Investitiounen an d'Zukunft tätegen, wann net iwwer Steieren? An esou koordinéiert Aktiounen wéi dës, andeem esou vill Länner un engem Strang zéien, sinn dowéinst en extreem wichtige Schratt a Richtung méi Gerechtegkeet op villen Niveauen.

Jo, et gëtt nach ëmmer Schlupflöcher, Kompromësser, ouni déi den Text hei iwwerhaupt net zustane komm wier. A jo, den Taux kéint méi héich leien, zum Beispill bei 20 %, wéi ursprüngelech geplangt. E kéint awer och méi niddereg sinn, wéi aner Länner dat wollten. Dofir ass dat heiten eppes, wat e wichtegt Instrument ass, wou ech ganz frou sinn, dass dat elo schlussendlech awer nach virum Enn vun dësem Joer gestëmmt ka ginn. Et hätt natierlech juristesche Onsécherheete ginn. Et hätt awer och grad Lëtzebuerg wierklech net gutt zu Gesiicht gestanen, wa mer do der Saach hannendrugelaf wären an dës fundamentalen Text net matzäit ëmgesat hätten.

An da kënnt natierlech nach derbäi: De Mechanismus ass jo scho vum Rapportier duergeluecht ginn, mee wa mir den Text net ëmsetzen, dann heescht dat net, dass déi Steieren net vun engem anere Land agedriwwen ginn, soudass mer en plus dann nach op wäertvoll Steierrecettë verzicht hätten. Dowéinst ginn ech hei den Accord vun der grénger ... Sensibilité politique.

(Hilarité)

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Tanson. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, bei dësem Projéit muss ee jo als Éischt – an dat hunn d'Virriednerinnen an d'Virriedner jo och gemaach zu engem groussen Deel – iwwert d'Objektiv vum Gesetz schwätzen an duerno méi an den Detail mat den Zuele goen.

Mir Piraten setzen eis a fir Steiergerechtegkeet – Punkt! Dëst tëscht de Bierger/innen duerch eng Steierreform, déi mer nach ëmmer fuerderen, mee och tëscht dem Staat an de Firmen. Lëtzebuerg huet

an der Vergaangenheet drop verzicht, fir de grouschen, den internationale Firmen déi Steieren ze froen, déi se eis u sech schëlleg gewiescht wären. Mir hunn zougelooss, datt Amazon 250 Milliounen net muss u Steiere bezuelen. Ech kéint elo nach op aner Urteeler agoen, wou de Lëtzeburger Staat bis op den Europäesche Gerichtshaff gaangen ass, fir derfir ze suergen, datt d'Firme Steieren net musse bezuelen, obwuel d'Europäesch Kommissioun gesot huet, déi misste se bezuelen.

Et kann ee ganz laang doriwwer diskutéieren, ob dat sënnavoll ass oder net. Mir hunn dat op alle Fall kritiséiert, an dat maache mer nach haut. Mat dëser Véierelsmilliard Euro hätt ee vill Projete fir eist Land, d'Biergerinnen an d'Bierger, kënne finanzéieren. Ech erënnere och drun, datt d'Ofschafe vun der Steuerklasse 1a domat hätt kënne méi wéi bezuelt ginn. Esou Zäite sollen dann elo mat dësem zweete Pilier eriewer sinn – an dat ass nëmme richteg esou!

Mir hunn an den 2000er-Jore vill vun deem ominéisen engleschen Term „Level-Playingfield“ héieren. Also, een, dee Fussball spillt – an ech kucken op mäi Kolleg, de Ben Polidori, deen dat laang gemaach huet –, dee weess, datt et sech am beschte spillt op engem Fussballsterrain, dee flaach ass, wou net de Ball automatesch an ouni datt een dra rennt an de géigneresch oder an den eegene Gol géif lafen. Deementsprechend ass dee Level-Playingfield net ganz onwichtig, och wann et ëm eis Economie geet, ...

*(Interruption)*

... an dofir ass et e Wuert, dat Verschiddener hei gebetsmühlenaarteg ëmmer an ëmmer erëm widderhuelen. An ech mengen, bei deem heite Projet erreeche mer genau dat: Mir erreechen en eebenen Terrain, mir erreechen dee Level-Playingfield a mir kommen ewech vum Gromperenacker, op deem an der internationaler Economie vill ze laang gespillt gouf. Mir maachen also e grouse Schrëtt a Richtung vun enger gerechter Besteuerung.

Bon, dat zum Fong. Da gëtt et awer och nach e puer Zuelen. Et gouf geschat, datt 2012 eleng d'Länner an der EU eng Billioun Euro u Recettë verluer hunn duerch Taxevasioun an Taxerduktioun. 55 % vun eiser Betrëbsbesteuerung gëtt vu Multinationale bezuelt. Am „Lëtzeburger Land“ konnt een eng Analys iwwer 287 Multinationale liesen. Dës Firms bezuelen an Däitschland 12,9 % Steieren, an Irland 3,4 % an hei zu Lëtzebuerg 5,47 %. Do si mer wäit ewech vun den affichéierte 24,9 % hei am Land, déi kleng Betrëber musse bezuelen.

A laut der leschter Finanzministesch wäerten zu Lëtzebuerg vun deem heite Projet, mat enger Mindestbesteuerung vu 15 %, bis zu 7.500 Firms betraff sinn. Wéi vill se eis abréngen oder kaschte wäert, dat wësse mer net. Dat ass awer e bësse schlëmm, wann et hei ëm de Bifdeck vum Lëtzeburger Budget soll goen a mir wëssen net, wat déi Ännerung hei bréngt. An et ass jo keng Ännerung, déi erëischt geschter sou op eemol vum Himmel gefall ass an op eemol ënnert dem Beemche louch, och wann de Rapport ganz séier huet misse gestëmmt ginn, och wann d'parlamentaresch Aarbechte ganz séier hu misse gemaach ginn. Deen Debat ronderëm déi Mindestbesteuerung gëtt et elo scho säit Joren.

An aner Länner hunn et jo och fäerdegruecht, fir Studien ze maachen. D'Belsch geet vun 360 Milliounen méi aus fir de Budget, Frankräich huet 1,1 Milliarden, Däitschland huet 2,2 Milliarden. A Lëtzebuerg? Mir wëssen et net. Noge froet bei Ärem Virgänger, bei Iech, bei Äre Beamten: „Mir wëssen et net. Mir hu keng Studie gemaach.“ Firwat? „Ze komplizéiert.“ Majo, mat där Excuse hunn ech och an der Schoul ëmmer

probéiert, laanscht d'Prüfungen ze kommen, meng Proffen hu mer et awer ni ofkaf. Dat heescht, ech hu se awer misse schreiwen. A genau sou hätt ech mer hei och erwaart, datt u sech d'Regierung hir Hausaufgabe gemaach hätt an eis eng Studie geliiwert hätt.

Mee bis dohinner baséiere mer eis dann op d'Zuele vun der OECD an dem FMI, déi vun 9 % méi Recetten oder 5,7 % méi Recettë schwätzen. Do schwätze mer vu Milliarden un Euro, an ech géif mer wënschen, datt dat antrëtt. Wann, dann däreft et op alle Fall einfach gi mat deenen anere Versprieche, déi dës Regierung gemaach huet, well da wier op alle Fall d'Steierreform fir d'Personnes physiques méi wéi géigefinanzéiert a mir missten eis net allze vill Gedanke maachen. Falls et anescht kënnt, musse mer ganz séier dergéintsteieren, well soss ass de Bifdeck, vun deem Lëtzebuerg sech sou laang erniert huet, op eemol ganz, ganz kleng a ganz séier fort, an dat géif dann och geféierlech gi fir d'Personebesteuerung.

Dat gesot, gi mer den Accord zu dësem Projet. Ech soen Iech Merci.

**M. Ben Polidori** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Clement. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Jo, merci, Här Präsident. Bon, mir begreissen natierlech, datt no Joerzängt Course no ënnen, wou ee Land probéiert huet, dat anert mat nach méi niddrege Steiersätz fir Multinationallen ze ënnerbidden, elo mol eng rout Linn gezu gëtt. An dat ass tatsächlech e Paradigmewissel.

Dat heiten ass jo eng Ëmsetzung vu Richtlinnen an der BEPS-Prozedur vun der OCDE, wou et u sech ëm zwou Saache geet: e gemeinsame Besteuerungstaux ze fannen, an anerersäits – et gouf e bësse manner gesot hei – soll et och drëms goen, datt d'Steiere vun de Multien do bezuelt ginn, wou och – et si jo d'Prinzipie gewiescht – u sech de Meerwäert produziéiert gouf. An dat ass oft och an extraeuropäesche Länner. An do hu mer vläicht e puer Problemer.

Et gouf och e puermol gesot ... Ech kommen dorobber zréck, mee et gouf och elo e puermol iwwert d'Komplexitéit vun deem Projet de loi geschwat. Also, wann den Här Fayot seet, et wier komplizéiert, wann den Här Mosar seet, et wier komplizéiert, dann ass et bestëmmt komplizéiert.

*(Hilarité)*

A wann och eis Steuerbeamten, déi wierklech gutt sinn – also, ech mengen net, datt keen et versteet –, selwer zouginn, datt et fierchterlech komplizéiert ass, dann hu mer e Problem.

*(Hilarité)*

A wa souguer am „Paperjam“ e Fiskalist vun der Plaz och nach seet, et wier komplizéiert, an ech zitieren – et ass op Franséisch, maacht kee Malaise, ...

*(Hilarité)*

**Une voix** | O! O! O!

**M. David Wagner** (déi Lénk) | ... et geet séier –: „Au regard de la complexité, je crois que la plupart des administrations fiscales de par le monde seront dans l'incapacité de vérifier la juste application de ces règles.“

Wa just Experte vun der Big Four den Duerchbléck hunn, klëmmt natierlech och de Risiko, datt nees nei Strategien entworf ginn, fir d'Reegelwierk auszuhiewen an nei Schlupflächer ze fannen. A mir kommen och an en demokratesche Problem, wa mer hei an der Chamber selwer zouginn, datt u sech quasi kee Mënsch wierklech versteet, wat mer hei stëmmen.

*(Hilarité)*

Mee et ass d'Realitéit. An ech weess net – dat kéint ee souguer verfassungsméisseg eng Kéier diskutéieren –, wéi wäit mer kënne Saachen ... Also, e Gesetz misst jo zumindest kloer sinn. An hei ass et ganz kloer, datt et jo net méi kloer ass.

Bon, duerno ass awer och de Problem vum Seuil vu 15 %. Deen ass zimmlech niddreg. Deen ass ze vill niddreg.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Da maacht eng Proposition de loi.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Jo, fir datt alles kloer ass.

*(Interruption)*

**M. Claude Wiseler**, Président | Här Wagner, loosst Iech haaptsächlech net stéieren!

*(Hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Jo. Den Här Di Bartolomeo stéiert ni. En ass ëmmer konstruktiv.

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

**M. Claude Wiseler**, Président | Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Eng Proposition de loi, fir datt ech et och verstinn, dat ass ...

Neel! Dann zum Seuil vu 15 %: Deen ass eendeiteg ze niddreg. Dat ass natierlech eng Kompromëssléisung an et ass geckeg, wann ee bedenkt, datt nach virun 30 Joer d'Moyenne bei 40 % louch.

Bon, dat heescht, domadder riskéiert dee Projet och, an enger éischter Phas weider Steiersenkunge fir d'Betrëber auszeléisen u sech, well d'Länner elo en Ureiz kréien, och hir normal Betrëbssteiersätz op 15 % erofzesetzen. An zu Lëtzebuerg gëtt et déi Ambiance jo och schonn.

Drëttens ass de Projet während de Verhandlungen immens verwässert gi mat verschiddenen Iwwergangsreegelen, mat Exemptionen, mat Mesures de sauvegarde. An doduerch ginn net just déi erhoffte Recettë staark erof. Et besteet och d'Gefor, datt sech de Steierwettbewerb elo vläicht och op aner Niveau verlagert. D'Länner wäerte sech net méi mam Taux ënnerbidde kënnen, mee se wäerte vläicht probéieren, iwwer aner Weeër Multinationallen unzezéien, zum Beispill iwwer Steierkreditter, iwwer Subventionen, iwwer Préférence fir Ultraräicher bis hin zu laxen Kontrollen.

An da wäert sech och d'Verdeelung vun de Besteuerungsrechter tëscht de Länner net fundamental änneren. An dat ass en Haaptproblem, well dat entsprécht jo net méi dem Gedanke vun dem BEPS. Déi Länner, déi bis elo vun den Optimiséierungsstrategien vun de Multinationale profitéiert hunn, wéi mir ënner anere, wäerten och weiderhin dovunner profitéieren. An déi Länner, déi bis elo eidel ausgaange sinn, virun allem d'Entwicklungslänner, wäerten och weiderhin eidel ausgoen.

An et ass net fir näischt, datt jo och an der UNO-Generalversammlung kierzlech derfir gestëmmt gouf, datt d'Ausschaffe vun internationaler Steuerreegelen zukünftig op UN-, also op Weltniveau soll gereegelt ginn an net méi am Club vun de Räichen, also vun der OCDE. A Lëtzebuerg, mengen ech, huet dergéint gestëmmt. Ech hunn eng Question parlementaire d'ailleurs gestallt u den Här Ausseminister an ech mengen, en huet Iech se weiderginn, Här Roth. Et deet mer leed, mee do wollt e sech d'Fangere vläicht net verbrennen.

*(Hilarité)*

An ech wollt dat awer och soen, well déi afrikanesch Tax Association, déi ass elo guer net méi frou iwwert d'Ëmsetzung a verschiddenen europäesche Länner vun deenen Direktiven.

*(Interruption par la présidence)*

Ënner anerem d'Schwäiz huet et ëmgesat mam Resultat, datt, éischstens, u sech d'Steieren net dohin zréckginn, wou se missten, dat heescht do, wou d'Profitter erschafe ginn, dat heescht an diversen afrikanesche Länner. An zweetens huet déi Schwäizer Gesetzgebung derfir gesuergt, datt se u sech déi Steieren, déi dann déi Multinational der Schwäiz misste bezuelen, iwwer aner Weeër erëm zréckkréien.

*(Interruption par la présidence)*

**M. Claude Wiseler**, Président | Här Wagner, kommt zu Äre Konklusionen, wannechgelift!

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Meng Konklusioun ass: D'Schwäizer, dat sinn awer kleng Filouen.

*(Hilarité)*

An ech hoffen, datt net jiddereen dat esou mécht. An deementspriedend, mir sinn u sech fir dee Prinzip, mee fir eis ... Mir wëllen net dergéint stëmmen. Mir wäerten och net derfir stëmmen. Mir wäerten eis enthalten, well et ze vill grouss Inconnuë gëtt, a mir hunn Angscht, datt et och net an déi Richtung geet, wéi et initialement geduecht war.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Wagner. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner epuséiert.

An dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Finanzminister, et ass un Iech.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Gilles Roth**, Ministre des Finances | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll Iech ausdrécklech Merci soen, dass mer dëse Projet de loi nach elo um Enn vum Joer kënnen stëmmen. Ech soen awer riichterhaus: Jo, dat war keng glécklech parlamentaresch Prozedur, fir dozou ze kommen, huet awer dermat ze dinn, dass déi Contrainte de temps, déi och vun der Europäescher Unioun gesat gouf, ganz enk war.

Et ass richtig bemierkt ginn: Dat Ganzt ass e Kader, dee vun der OECD geschafe gouf, vu Paräis. Dunn huet d'Europäesch Unioun en Instrument, nämlech eng europäesch Direktiv, geschaf, fir dass zumindest um Niveau vun der Europäescher Unioun et eenheetlech Reegele géif ginn, wéi dee Kader vun der OECD géif ëmgesat ginn. An dee Kader ass zréckbehalte gi virun engem gudden Joer, nämlech am Dezember 2022, fir da mussen ëmgesat ze si fir den 1. Januar 2024.

Dir wësst och, dass mer Walen zu Lëtzebuerg haten – dat ass en demokratesche Virgang – an dass eng exzellent an extreem gutt Aarbecht geleescht gouf mat engem Text, deen iwwer 200 Säiten huet, iwwer 200 Säite vun enger Steierverwaltung, vun engem Finanzministère vun engem dach klengen Land. An ech wëll och – une fois n'est pas coutume – all deene Leit villmools Merci soen, fir dat bewerkstelt ze hunn. Ech wëll och duerfir den Deputéierte fir déi Flexibilitéit Merci soen. Ech wëll och dem Conseil d'État Merci soen, well wann eppes 220 Säiten huet, da muss och een oder méi Leit am Conseil d'État dozou en Avis ginn. A wann dat eng héich komplex Matière ass, da muss een och deen Knowhow hunn, fir doriwwer e fundéierten Avis ze maachen.

Dat hei huet misse riichtgebéit gi virun dem 1. Januar 2024 an de Rapport, den Här Mosar, ass drop agaang. Et wier fir Lëtzebuerg, den Här Fayot huet et gesot, fir eis Reputatioun sécherlech net gutt gewiescht, wa mir an esou engem weesentlechen, fundamentalen Text, dee mer haut ofstëmmen, net bei deene gewiescht wieren, déi dat fristgerecht wéi anerem ëmgesat hätten.

Et ass zum Beispill Spuenien, zum Beispill Polen, zum Beispill Portugal, déi dat net fir den 1. Januar ëmgesat kréien. Mee Dir wësst, dass an deene Länner um Niveau vun der Regierung keng handlungsfäeg Regierung oder d'Majoritéit net vollends do ass. Mir hunn awer eng handlungsfäeg Regierung no Walen, déi stattfonnt hunn am Oktober. An duerfir, mengen ech, ass et och eis Pflicht aus deem Grond an als internationale Finanzzentrum a Businesszentrum, fir dat esou ëmzesetzen.

Ech soen awer gradesou riichterhaus: Dat hei wäert net déi leschte legislativ Upassung si vun deem Text. Dat wäert souwuel misse gemaach ginn um Niveau vun dem Gesetz oder iwwer Präzisiounen, souwäit dat méiglech ass, déi iwwer Instruktiounen vun der Steierdirektioun kommen.

An den Här Fayot huet och e juristescht Element, gradewéi d'Madamm Tanson, genannt: Wa mir deen Text hei net ugepasst hätte virun dem 1. Januar 2024, dann hätte mer fir eng Rei vun Entrepreneuren, déi heideränner falen – an et ass jo de Chiffer genannt gi vu 7.500 potenziell méiglechen Entrepreneuren –, ënner Ëmstänn eng méi héich Steuerlaascht fir Einzelner bewierkt. An Dir wësst allegueren, dass dee Prinzip net réckwierkend um Niveau vun der Steiergesetzgebung gaange wier. Dat heescht, dat Eenzege, wat mer hätte kënnen maachen, dat wier, dass mer eréischt 2025 operationell gewiescht wieren, mat alle Konsequenzen niewent der Reputatioun, niewent och eventuell dem Uleiere vu Sanktionsmechanisme vun der Europäescher Kommissioun.

Et huet och e grouse Virdeel, well mer heimat Rechtssécherheet schafen a mir schafe Vorausschaarkeet fir déi Leit, déi mat deem Instrument hei mussen schaffen. Dat sinn engersäits d'Entrepreneuren an zweetens, wéi Der mat Recht gesot hutt, allegueren déi Cabineten, sief dat Affekotenetüden, sief dat och Big-Fouren, dat heescht grouss Kontabilitéitsentrepreneuren, déi domat mussen ëmgoen.

Jo, et ass richtig, hei kënnst eng Mindestbesteuerung vu 15 %, an et sinn eng Rei vun Entrepreneuren bei eis, déi heideränner falen, déi ënner 15 % bezuelen, an et sinn och eng Rei vun Entrepreneuren, déi net heideränner falen, déi an Zukunft och warscheinlech eng duerschneittlech Besteuerung hunn, déi nach weiderhin ënner 15 % wäert leien.

Ech mengen, dat muss een och an aller Transparenz soen.

Et muss een och an aller Transparenz soen, dass et sech hei, fir op déi 15 % ze kommen, souwuel ëm d'Betriebssteuer handelt, dat heescht den Impôt sur le revenu des collectivités, wéi ëm d'Gewerbesteuer – déi fällt och dran an de Berechnungsmodus –, gradewéi ëm d'Vermögenssteuer, déi, wéi gesot, och vun den Entrepreneuren bezuelt gëtt. Dat sinn also déi dräi Steieren, déi a Betruecht gezu ginn, fir op déi 15 % par rapport zu dem Bénéfice d'exploitation ze kommen.

Dann ass déi Fro opgeworf gi vun der Madamm Tanson a vun dem Här Fayot: Wéi verhält dat sech an där Interaktivitéit mat deem Gesetzesprojekt, dee mer gëschter ofgestëmmt hunn, nämlech deem vun der sougenannter Steuerbonifikatioun, wann een Investisementer mécht? Ech hunn och do ganz kloer gesot, ech soen dat och hei op der Chambertribün: De Seuil

vu 15 %, do kann een och mat allem Awierke vun der Bonification à l'investissement net drënner kommen. Dat ass esou. Dat ass e Plancher minimum, dee muss also garantéiert ginn.

Drënner fale 7.500 Entrepreneuren. Elo ass déi Fro: Jo, de Finanzminister, weeder dee vieregten nach dee jëtzen nach d'Steierverwaltung kënnen soen, wat den Impakt ass, deen herno op de Budget dovunner kënn, spréch méi oder manner Steuerrecetten. Ech soen Iech haut riichterhaus an aller Éierlechkeet: Ech kann dat haut net soen. An et sinn eng Rei vu Facteuren, déi sinn awer och genannt ginn, firwat dass dat net méiglech ass.

Firwat? Mir hunn de System, dass eng Entitéit vun engem Grupp, dee méi wéi 750 Milliounen Euro Benefiss, also Ëmsatz, pro Joer mécht, wann déi zu Lëtzebuerg ass an déi fällt ënner 15 %, jo da kréie mer méi Steiere vun där eran, wa mer soen: „Dir leit ënnert deem Seuil vu 15 %.“

Et kéint awer och sinn, dass an engem anere Land esou eng Entitéit wier, déi net op 15 % géif kommen, a mir hätten d'Mammegesellschaft hei. Och där Struktüre gëtt et. Da gëtt déi upgrade mat enger Top-up-Steier, fir op déi 15 % ze kommen. Also géife mer do och méi Steiere kréien.

Da gëtt et nach en drëtten Fall. Wann d'Mammegesellschaft an engem anere Land ass plus eenzel Entitéite vun där Mammegesellschaft an engem anere Land sinn, wou déi allkéiers net op déi 15 % kommen, da kënnen mer, wa mer iergendeng anere Entitéit zu Lëtzebuerg hunn, déi och nach upgraden, fir op déi 15 % ze kommen.

Mee! Mee – an dat ass groussen M – déi aner Länner hunn och déi Méiglechkeeten. An dat ass dat, wat et esou schwéier mécht, fir ze evaluéieren, jee nodeems, wat an deenen anere Juridictionen geschitt, wat dann am Endeffekt den Impakt konkret op Lëtzebuerg ass.

An dann ass geschwat ginn – do ginn ech Iech net ganz Recht, Här Wagner – vum Impakt op Drëttlänner. Mee och Drëttstaaten hunn d'Méiglechkeeten, wann an hirem Land Entitéite wieren, déi net op déi 15 % géife kommen, fir do en Impôt complémentaire ze verlaangen, souwäit se dëst Instrument applizéieren.

Also, et ass d'Wiesselwirkung vun deem Instrument hei, dat jo a villen anere Länner sech och applizéiert, déi mécht, dass een als Lëtzeburger Finanzminister, als Lëtzeburger Verwaltung haut keng konkret Indicatione ka maachen, wivill dat méi Steiere wäert generéieren oder net.

Ech engagéiere mech awer – an dat hunn ech an der Finanzkommissioun gesot –, dass mer, soubal mer éischt Erfahrungswärter hunn – an dat wäert da fréisstens 2025 sinn, well déi betreffend Entrepreneuren, déi gi jo hir Steuererklärung fir 2024, dat heescht 2025, of an da muss ee kucken, dass déi zäitno gepréift ginn –, an d'Finanzkommissioun kommen an dann e Rapport intermédiaire maachen, wéi dat sech ausgewierkt huet. Dat kann de Finanzminister ... Dat ass keng politesch Decisioun, mee ech mengen, dat wësst Der allegueren, et gëtt e Steiergeheimnis an dat muss dann eng Steierverwaltung jee no Méiglechkeeten erklären.

Dat gesot, wëll ech Iech villmools Merci soen an ech sinn, éierlech gesot, houfreg drop, dass mer et als klengt Land zesumme fäerdegbréngen, an esou weesentleche Froe wéi där doter, souwuel vun eise Verwaltungen ... An Dir hutt déi Beamte gesinn, déi kennen déi Matière aus dem Effe, wat extreem

schwierig ass. Ech weess och, dass der vill vun de Big Four, dat heescht vun deene grouse Cabineten, op d'Steierverwaltung ugeruff hunn, op de Ministère ugeruff hunn a soen: „Wéi verhält dat sech? Well mir hu selwer Problemer ze wëssen, wéi dat konkret ëmgesat gëtt.“ An ech mengen, dat sinn net déi Eenzeg.

A virun allem sinn ech frou, dass mer déi Flexibilitéit – mat allen Ofstrécher, déi ech gären op meng Kap dann huelen, och wann ech net eleng derfir kann – bei der Chamber fonnt hunn, fir dee Projet hei – ech soen, net onbedéngt gemääss de Gepflogenheeten, wéi e Gesetzesprojet am Detail sollt analyséiert ginn – iwwert d'Bün ze kréien. An duerfir soen ech Iech wierklech vill, villmools Merci fir d'Zoustëmmung zu dësem Projet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Finanzminister. Domat ass d'Diskussioun dann ofgeschloss.

A mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8292. Den Text steet am Document parlementaire 8292<sup>7</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8292 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmen fänkt un. D'Votes par procuration. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

D'Resultat ass: Jo-Stëmmen: 58, Neen: keng, an 2 Abstentionen. De Projet de loi ass also mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Enthaltungen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydard, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferdling, Liz Braz, Francine Cloener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Yves Cruchten), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Ben Polidori) et Ben Polidori.*

*Se sont abstenus : MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 6. 8339 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

An da komme mer zum leschte Projet vum Ordre du jour vun de Mëtten. Mir hunn de Projet de loi 8339 um Ordre du jour, also eng Ofännerung vum TVA-Gesetz am Kader vum Autoliquidationsmechanismus.

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: zéng Minutte fir de Rapporteur, jee weils fënnf Minutte fir all Fraktioun an all Sensibilitéit an d'Regierung huet zéng Minutten. Et sinn elo schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Patrick Goldschmidt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson an den Här David Wagner. An elo huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar, d'Wuert. Här Mosar, et ass un Iech.

### Rapport de la Commission des Finances

**M. Laurent Mosar** (CSV), rapporteur | Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, mam virleende Projet de loi gëtt eng weider Upassung am Beräich vun der TVA virgeholl. Et geet hei drëms, Steuerbedruch ze evitéieren an déi sougenannten „TVA-Karusellsinfraktiounen“ ze bekämpfen.

An der Vergaangenheet ass dës Ëftere versicht ginn, iwwert dës sougenannte „fraudes carousel“ u Steuerfelder erunzekommen, an déi europäesch TVA-Direktiv huet deem virgegraff. An och eist Land huet natierlech dorobber reagéiert an zënter Längerem de Mechanismus vun der sougenannter „autoliquidation“ agefouert. Dese gëtt aktuell am Beräich vun den CO<sub>2</sub>-Zertifikater am Emissionshandel, wéi awer och beim Kaf vu Gas- an Elektreschzertifikater ugewannt. Einfach ausgedréckt muss de Keefer vun dësen Zertifikater dem Staat d'TVA iwwerweisen an net de Verkeefer.

Mat dësem Gesetz gëtt elo den Uwendungsberäich vun dësem Mechanismus vun der Autoliquidation op de Verkauf vun Handyen, Laptoppen, Computeren an esou weider an awer och op Eedelmetaller a Metaller ausgeweit. Fir dës Produite gëtt elo och eng Autoliquidation virgesinn, wat a sech eng Exceptioun ass.

Am Projet ass awer eng kloer Limit drin. Dat heescht, d'Autoliquidatioun spillt nëmme bei Rechnungen vun iwwer 10.000 Euro. An dës Fäll ass et de Keefer, deen duerno d'TVA bezilt. Domadder ass séchergestallt, dass alles, wat virun der Chaîne de vente geschitt, wou keng TVA opgefouert ginn ass, och net als Fraude ka benotzt ginn.

De Staatsrot huet a sengem Avis keng Bedenken zum Projet de loi geäussert an drop higewisen, datt déi europäesch Direktiv virgesäit, datt en änleche Mechanismus och fir Livraisons a Services am Beräich vun der Konstruktioun kéint agefouert ginn.

Léiwen Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och dëst ass erëm eng komplizéiert, technesch Thematik. Duerfir géif ech mer och nach eng Kéier erlaben, fir fir all déi zalreich Froen, déi Der sécherlech hutt, op mäi schrëftleche Rapport hinweisen an haaptsächlech och op de Commentaire des articles.

Dat gesot, Här President, dréien ech mech nach eng Kéier ëm a wëll och hei den Accord vun eiser Fraktioun ginn. A well et de leschte Projet de loi vun haut a vun dëser Woch ass, wënschen ech och direkt schéi Feierdeeg. Merci.

**Plusieurs voix** | A!

**Une voix** | Villmools merci!

**Une autre voix** | Merci gleichfalls!

**M. Claude Wiseler**, Président | Léiwen Här Mosar, dat ass ganz léif vun Iech. Ech soen Iech Merci fir Äre schrëftlechen a mündleche Rapport.

An als éischte Riedner ass den Här Patrick Goldschmidt ageschriwwen.

### Discussion générale

**M. Patrick Goldschmidt** (DP) | Merci, Här President. Ech hunn de Message verstane vum Rapporteur, dofir

wollt ech och just dervu profitéieren an den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi ginn a Merci fir dee gudden Rapport soen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Goldschmidt. Den nächste Riedner ass den Här Franz Fayot. Här Fayot.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Effektiv, déi Fraudë bei der TVA sinn net just eng abstrakt Anekdote, mee dat si Fraudë mat ganz reellen a ganz substantziellen Ausfäll fir de Budget.

Zum Beispill déi sougenannte „fraude carousel“ bei den CO<sub>2</sub>-Zertifikater, déi 2009 un d'Dageslicht komm ass, wou u sech an engem éischte Land e Kont opgemaach ginn ass, fir an engem zweete Land CO<sub>2</sub>-Zertifikater opzekafen, déi vun der TVA fräigestallt gi sinn, déi dann duerno mat der TVA weiderverkaaft gi sinn. Dat war op EU-Niveau e Steierausfall vun net manner wéi 5 Milliarden Euro. Dat heescht, hei si mer an engem Beräich, wou mer wierklech mussen handeln. Lëtzebuerg huet schonn eppes gemaach bei der Autoliquidation, mee deen hei Text mécht dat nach weider. An dofir ass dat e gudden Text, dee mer och mat wäerte stëmmen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Fayot. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz: Mir stëmmen hei mat Jo.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Keup. Déi nächst ageschriwwene Riednerin ass d'Madamm Sam Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Här President, och mir wäerten deen Text hei matdroen. Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Tanson. Dann ass et um Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Fir et ganz kuerz ze maachen, kéint ech soen: „Mir droen et mat.“ Ech erlabe mer awer eng kleng Remark, well et hei awer, mengen ech, ëm eppes Wichteges geet. An der Vergaangenheet si wierklech fiktiv Geschäfte gemaach gi mat Handyen, Laptoppen an aneren, ënner anerem den ETS-Zertifikaten. An datt mer dat heiten elo maachen, ass, mengen ech, e Schlupflach zoumaachen, wou och bis elo net wierklech bekannt ass, wéi grouss de Schued fir Lëtzebuerg war.

Wat awer elo wichteg ass – an ech mengen, dat war am Rapport jo och ugeklungen –, ass, datt mer déi Grenz vun deenen 10.000 Euro halen. An dat wëll ech nach eng Kéier reiteréieren, wéi wichteg et ass, datt mer d'Grenz héich genuch usetzen, awer och niddreg genuch usetzen, fir datt déi Fraude effektiv ka bekämpft ginn. An ech hoffe wierklech, datt mer hei de „juste milieu“ getraff hunn. Wann net, wäerte mer dat an engem oder zwee Joer vläicht nach eng Kéier mussen nobesseren.

Dat gesot, ginn ech eisen Accord.

**M. Claude Wiseler**, Président | Dat war bal ganz kuerz, Här Clement. Merci.

(Interruption par M. Sven Clement)

An d'Wuert huet elo den Här David Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, den Här Clement huet absolutt Recht a mir stëmmen dee Projet de loi mat.